N°795
Entrée le 28.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.05.2024
Chambre des Députés

**Här Claude Wiseler**
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 27. Mee 2024

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro iwwert **d'Iwwergangsfinanzéierung fir de Luxembourg Science Center** un den **Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend** weiderzeleeden.

An der rezenter Vergaangenheet waren Irregularitéite beim Luxembourg Science Center (LSC), souwuel an der Gouvernance wéi beim Ëmgank mat ëffentleche Suen, direkt e puer mol Géigestand vun Artikelen an der Press an och vu parlamentaresche Froen.

Am Abrëll 2023 huet de Bildungsministère d'Konventioun mam LSC gekënnegt. Den 11. Abrëll 2023 huet den Här Minister op eng parlamentaresch Fro ënnert anerem dëst geäntwert: "Aus dësem Grond huet den Educatiounsministère de Membere vum Verwaltungsrot vum LSC den 10. September 2022 matgedeelt, datt eng weider Zesummenaarbecht nëmmen ënnert follgende Konditioune méiglech wier:

- Keen Interessekonflikt méi um Niveau vum President vum Verwaltungsrot;
- Opléise vun de Relatiounen tëscht dem Science Center an der Societéit, déi dem President vum Verwaltungsrot gehéiert;
- Kloerstellen, datt d'Propriétés intellectuelles vun de Konzepter a Statioune beim Science Center leien;
- Presenz vum Staat an der Gouvernance-Struktur vum Science Center."

Fir déi néideg Ännerungen ze begleeden an zum Ofschloss ze bréngen, krut den LSC eng Iwwergangskonventioun bis Abrëll 2024. Laut engem Presseartikel aus dem Mäerz 2024 gouf dëse Finanzement an der Tëschenzäit verlängert, well den LSC net fäeg oder net gewëllt war, den ursprénglechen Zäitplang anzehalen. Déi verlängert Konventioun wäert eisen Informatiounen no Mëtt Juni auslafen. An dem selwechte Presseartikel aus dem Mäerz 2024 ass och ze liesen, dass den LSC zu deem Zäitpunkt nach keng vun den uewe genannte grondsätzleche Fuerderunge vum Ministère erfëllt hat.

Am Kader vun enger Froestonn an der Chamber huet den Här Minister Ufank Mäerz gesot, dass de Ministère zum Schluss komm wier, dass d'Ëmsetzung vun de Fuerderunge méi Zäit an Usproch wäert huelen, wéi ursprénglech geduecht. Dofir wier de Minister bereet gewiescht, d'Iwwergangskonventioun "kuerzzäiteg" ze verlängeren, bis en Audit virläit deen op d'Finanzementer an d'Leeschtungen, déi op staatlecher Säit nach sollten honoréiert ginn, an d'Ëmsetzung vun de scho genannten Ännerungen ageet.

An dësem Kontext erlaben ech mer et follgend Froen un den Här Minister ze stellen :

1. **Ass dee vum Här Minister am Mäerz an der Chamber ernimmten Audit mëttlerweil ofgeschloss? Wa jo, wat sinn d'Haaptconclusiounen dovunner?**
2. **Goufen déi véier uewe genannte Fuerderunge mëttlerweil vum LSC erfëllt? Wann net, op wéi enge Punkte gëtt et schonn en definitiven Accord tëscht dem Ministère an dem LSC?**
3. **Wäert eng weider Verlängerung vum Iwwergangsfinanzéierung vum LSC néideg ginn ? Wa jo, wat sinn d'Grënn heifir?**
4. **Bis wéini wäert d'Situatioun beim LSC regulariséiert sinn? Wéi wäit sinn d'Aarbechten un enger neier, laangfristeger Konventioun mam LSC fortgeschratt?**

Mat déiwem Respekt,

**Meris SEHOVIC**
Députéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 795 vum honorabelen Deputéierte Meris Sehovic**

**Ad 1)**

Den Audit ass nach net komplett ofgeschloss. Zu dësem Moment läit ee Rapport d'audit provisoire vir, deen de Verwaltungsrot vun der Luxembourg Science Center (LSC) Asbl elo ka kommentéieren. Eréischt no dësem Schrëtt kann een déi definitiv Konklusiounen aus dësem Audit zéien. De Rapport définitif wäert awer bis de 4. Juli 2024 un den Educatiounsministère an un d'LSC Asbl verschéckt ginn.

**Ad 2)**

An engem Bréif vum 18. Juni 2024 huet den Educatiounsministère de Verwaltungsrot gefrot, fir eng formell Positioun ze kréien, wou ee mat der Ëmsetzung vum Protocole d'entente drun ass. Op dëse Bréif ass nach keng Äntwert zeréckkomm. Am Groupe de suivi, deen d'Ëmsetzung vum Protocole d'entente begleet, gëtt den Educatiounsministère awer reegelméisseg doriwwer informéiert, wéi d'LSC Asbl d'Fuerderunge vum Staat ëmsetzt. An dësem Grupp ass den Educatiounsministère driwwer a Kenntnis gesat ginn, datt d'LSC Asbl Ufank Juli 2024 eng Generalversammlung virgesinn huet, wou d'Ëmsetzung vun de verschiddenen Elementer aus dem Protocole d'entente decidéiert soll ginn.

**Ad 3)**

Nee, et wäert keng Iwwergangsfinanzéierung méi ginn. Zil ass et, datt d'Fuerderungen aus dem Protocole d'entente mussen erfëllt sinn, fir doropshin eng durabel Konventioun mam LSC ze hunn.

**Ad 4)**

Wann d'Elementer aus dem Protocole d'entente vum LSC ëmgesat sinn, wäert den Educatiounsministère dem LSC eng nei Konventioun proposéieren, déi dann ab dem 18. Juli gëllt. Bis dohi muss de Protocole d'entente ëmgesat sinn.

Lëtzebuerg, den 2. Juli 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH